ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An der 19. Sëtzung vun der UN-Vollversammlung (Sessioun 76) ass Lëtzebuerg, de 14. Oktober 2021, an den UN-Mënscherechtsrot (2022-2024) gewielt ginn. Dofir ass et vu besonneschem Gewiicht, wann den Här Staatsminister a senger rezenter Ried virun der UN-Vollversammlung (23.9.22) seet: *"Nous nous engageons aussi au Conseil pour promouvoir l'égalité des genres, lutter contre toutes les discriminations, renforcer l'état de droit et l'espace civique et lutter contre l'impunité"* Dës Wierder si vu besonnescher Bedeitung am Liicht vun den aktuelle Fraeprotester am Iran, iwwer déi am *tageblatt* vum 24.9.22 ze liese war ("Irans mutige Frauen"): *"Wer so handelt, setzt sein eigenes Leben aufs Spiel. Doch ein Ausweg ist mit dem Regime nicht in Sicht – welche Zukunft soll es also zu verlieren geben, wenn die Menschen nicht einmal eine Gegenwart haben? Wie können wir die Iranerinnen und Iraner unterstützen? Die Amerikaner haben Sanktionen verhängt. Deutschland will den Fall vor den UN-Menschenrechtsgerichtshof bringen."*

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

1) Huet Lëtzebuerg säit dem 1. Januar 2022 am UN-Mënscherechtsrot d'Mënscherechtssituatioun am Iran, besonnesch am Hibléck op d'Ënnerdréckung vun de Fraen, ugeschwat? Wann net, wäert Lëtzebuerg dat am Kontext vun den aktuelle Fraeprotester maachen?
2) Ass Lëtzebuerg bereet, Däitschland dobäi ze ënnerstëtzen, de Fall virun den UN-Mënscherechtsgeriichtshaff ze bréngen? Wann net, aus wéi enge Grënn ass Lëtzebuerg dozou net bereet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser, Deputéierten